International Theatre Institute ITI
World Organization for the Performing Arts

Message for World Theatre Day 2025 – 27 March

Auteur vum Message: Theodoros TERZOPOULOS, Griicheland

Theaterdirekter, Educateur, Auteur, Grënner an artisteschen Direkter vun der Attis Theatre Company, Inspirateur vun den Theatre Olympics a President vum Internationale Kommitee vun den Theatre Olympics.

Luxembourgish (Translation)

World Theatre Day Message 2025 by Theodoros TERZOPOULOS

Kann Theater den Noutruff héieren, deen an dësen Zäiten ausgestraalt gëtt. An enger Welt vu veraarmte Bierger, déi agespaart sinn an Zelle vun der virtueller Realitéit, déi déif verankert ass an hirer erstéckender Privatsphär. An enger Welt vu robotiséierter Existenz an engem totalitäre System vu Kontroll a Repressioun, dee sech iwwer de ganze Spektrum vum Liewen erstreckt?

Mécht den Theater sech Suergen ëm déi ekologesch Zerstéierung, der Äerderwiermung, dem massive Verloscht vun der Biodiversitéit, der Verschmotzung vun den Ozeaner, dem Schmëlze vun den Äispole, déi ëmmer méi heefeg Bëschbränn an extreme Wiederphänomener? Kann den Theater en aktiven Deel vum Ökosystem ginn? Den Theater observéiert schonn zënter Jore wéi de Mënsch de Planéit verännert, mee et fält him schwéier, dëse Problem unzegoen.

Mécht den Theater sech Gedanke ronderëm déi mënschlech Existenz am 21. Joerhonnert, wou de Bierger vu politeschen a wirtschaftlechen Interessen, vu Mediennetzwierker a vun Entreprisen, déi nëmmen drop aus si Meenungen an der Gesellschaft ze bilden, manipuléiert gëtt? Wou sozial Medien, och wa si d'Kommunikatioun erliichteren, e groussen Alibi dofir sinn, well si déi néideg sécher Distanz zum Anere bidden? Eng déif verwuerzelt Angscht virum Aneren, dem Onbekannten, dem Friemen, deen eis Gedanken an eis Handlunge beherrscht.

Kann den Theater als Atelier fir d'Zesummeliewen an der Diversitéit funktionéieren, ouni déi bluddeg Wonne vun der Vergaangenheet ze ignoréieren?

Déi bluddeg Wonn invitéiert eis, de Mythos nei opzebauen. A wéi den Heiner Müller et scho sot: „De Mythos ass en Aggregat, eng Maschinn, un déi ëmmer nei a verschidde Maschinne kënne ugeschloss ginn. Si transportéiert d'Energie, bis déi immens Vitessen dat kulturellt Feld komplett sprengen" – an ech géif derbäi setzen: och d'Feld vun der Barbarei.

Kënnen d' Theaterspotten dat gesellschaftlecht Trauma beliichten, anstatt ëmmer nëmme sech selwer ze beliichten?

Dëst si Froen, déi keng definitiv Äntwerten zouloossen, well den Theater existéiert a weiderlieft grad duerch onbeäntwert Froen.

Dëst si Froen, déi haut, um Welttheaterdag, eng éischte Kéier vum Dionysos gestalt goufen, deen opgebrach ass vu senger Gebuertsplaz, dem Orchester vum anticken Theater, an deem seng stomm Flüchtlingsrees en duerch verschidde Krichslandschaften gefouert huet.

Loosst eis an d'Ae vun Dionysos kucken, dem ekstatesche Gott vum Theater an der Mythologie, deen d'Vergaangenheet, de Present an d'Zukunft matenee vereent, d'Kand vun zwou Gebuerten, vum Zeus an der Semele, dee vu genderfluiden Identitéite schwätzt, déi weiblech a männlech, déi rosen a léif, déi göttlech an animalesch sinn, um Rand tëscht Wansinn a Vernonft, Uerdnung a Chaos, en Akrobat op der Grenz tëscht Liewen an Doud. Den Dionysos stellt eng fundamental ontologesch Fro: "Em wat geet et hei?" eng Fro, déi de Schöpfer zu enger ëmmer méi déifgräifender Ënnersichung vun der Wuerzel vum Mythos an de multipelen Dimensioune vum mënschleche Rätsel féiert."

Mir brauchen nei narrativ Weeër, déi dorop ausgeriicht sinn, d'Erënnerung ze kultivéieren a eng nei moralesch a politesch Verantwortung ze formen, fir aus der multiformer Diktatur vum haitege Mëttelalter erauszekommen

Theodoros Terzopoulos

Translated from English: Sascha Dahm / THEATER FEDERATIOUN - Luxembourg Centre of I.T.I.